N°1889
Entrée le 28.02.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 1889 vum 4. Februar 2025 vum Här Deputéierte Marc Goergen.**

Den honorablen Deputéierte stellt Froen iwwert d'Autobunnsopfaart zu Steebrécken.

All Aarbechten am Zesummenhang mam Reamenagement vum Echangeur Steebrécken goufen ëffentlech ausgeschriwwen an dat am Aklang mat der geltender Gesetzgeebung, déi Transparenz a Fairness an der Ausschreiwungsprozedur garantéiert. Esou haten all interesséiert Entreprisen d'Méiglechkeet un der Ausschreiwung deelzehuelen an d'Aarbechte sinn no objektive Krittäre vergi ginn. Detailer dozou goufe jo schonns an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°1714 opgefouert.

D'Noutwennegkeet vum Reamenagement ass am Finanzéierungsgesetz vun 2021 am Detail beschriwwe ginn a resultéiert aus der technesch net adaptéierter Konstellatioun vum ursprünglechen Echangeur, dee schonns net fir déi aktuell Verkéierslaascht gëeegent war.

Des weidere wëll ech betounen, dass et beim Projet vum Reamenagement vum Echangeur Steebrécken net ëm eng speziell Opfaart exklusiv fir de Projet GridX geet, mee ëm eng néideg a gutt duerchduecht Verbindung un d'Nationalstrooss N13 – eng Ubannung, déi net anescht machbar gewiescht wier.

D'Ausschreiwungen zu Lëtzebuerg ënnerleien der europäescher Direktiv "2014/24/UE du Parlement européen et du Conseil du 26 février 2014 sur la passation des marchés publics et abrogeant la directive 2004/18/CE", dem modifizéierte Gesetz vum 8. Abrëll 2018 dat dës Direktiv a nationaalt Recht ëmsetzt, souwéi den entspriechenden applikabele groussherzogleche Reglementer zu dëser Thematik.

Entspriechend der Gesetzgebung ginn d'Offere vun deenen Entreprisen zeréckbehalen, déi no der Erfëllung vun alle Krittären déi bescht ekonomesch Offer ofginn hunn. Falls keng zousätzlech Krittäre fir den Zouschlag festgeluecht sinn, kritt déi gënschtegst konform Offer den Zouschlag.

Lëtzebuerg, de 28. Februar 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes